



j) de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

k) de l'arrêté royal grand-ducal du 22 octobre 1842, n°1943c/1297, réglant le mode de publication des lois;

et abrogation de:

a) l'arrêté grand-ducal du 13 août 1915 portant règlement du service des femmes dans les hôtels et cabarets;

b) l'arrêté grand-ducal du 15 septembre 1939 concernant l'usage des appareils radiophoniques, des gramophones et des haut-parleurs

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Wann ech gelift!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Minister Merci a ginn Akt vum Dépôt vun dësem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Kommission wäert weidergeleet ginn.

Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

3. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng Eier fir mech, och haut därferen e Gesetzesvorschlag hei an der Chamber ze deponéieren. Dee Gesetzesvorschlag, deen huet als Zil, fir ze verbidden, datt ee kann eng Tenue un hunn, mat där ee ka ganz oder deelweis säi Gesicht verstoppen. Konkret geet et ëm de Verbuet vun enger Burka oder vun enger Niqab hei am Land.

Bis elo ass dat just um kommunale Plang geregelt. Et ass meng Iwwerzeegung, datt dat eng national Regelung brauch, souwuel aus engem legitimen Sécherheetsinteressi vun der Effentlechkeet eraus wéi och fir d'Rechter an d'Dignitéit vun de Fraen ze schützen. An deem Sënn soll et och verbuede sinn, datt eng Persoun därerf eng aner Persoun dozou zwéngen, eng Tenue unzedeien, mat där ee ka säi Gesicht ganz oder deelweis verstoppen.

Schlussendlech geet et och nach drëm, fir ze verhënnern, datt e sozialt Zesummeliewe kann hei am Land verhënnert ginn.

Dat Gesetz ass an eisen Ae wichteg a richtig. Et ass inspiréiert vun deene respektive franséischen a belsche Gesetzer. Nach viru Kuerzem huet den Europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter en Uerteel geholl, an deem en drop geschloss huet, datt dat heite konform zur Europäescher Mënscherechtskonventioun ass.

Ech soen lech Merci.

6705 - *Proposition de loi ayant pour objet d'interdire la dissimulation du visage dans l'espace public et de compléter certaines dispositions du Code pénal*

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och. Ech ginn dem Här Deputéierten Akt vum Dépôt vun der Proposition de loi.

(La proposition de loi 6705 sera renvoyée à la Conférence des Présidents.)

4. Discours à l'attention de M. Jean-Claude Juncker à l'occasion de son élection à la présidence de la Commission européenne

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dann direkt am Ufank vun dëser Sëtzung eisem Deputéiertekolleeg, dem Jean-Claude Juncker, an eiser aller Numm häerzlech félicitéieren. Hien ass gëschter vum Europaparlament mat engem zolitte Resultat als President chargéiert ginn, fir eng nei Kommissioun op d'Been ze stellen, déi sech am Hierscht dem Vote vum Europaparlament wäert stellen.

Am Numm vun eis alleguer wënsche mer him vill Courage an Ausdauer a virun allem eng glécklech Hand bei senger neier Missioun.

(Applaudissements)

5. Communication

Ech wollt dann nach d'Chamber informéieren, dass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Dësch vun dësem Haus deponéiert ass.

Communication du Président - séance publique du 16 juillet 2014

La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

6. Ordre du jour

Den Ordre du jour hutt Der alleguer iwwermëttelt kritt, an ech wollt lech froen, ob Der mat deem Ordre du jour, wéi e vun der Conférence des Présidents proposéiert ginn ass, d'accord sidd.

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert a mir kéinten direkt zu eisem éischte Projet vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6625 iwwert d'Immobilisation vun den „actions et parts au porteur“. De Riedemodell ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo direkt den honorable Rapporteur, den Här Guy Arendt.

Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

7. 6625 - Projet de loi relative à l'immobilisation des actions et parts au porteur et à la tenue du registre des actions nominatives et du registre des actions au porteur et portant modification 1) de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et 2) de la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt** (DP), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, iwwert deen ech lech de Mëtteg op dëser Plaz de Rapport maachen, ass de 4. Oktober 2013 vum Finanzminister vun deemools déposéiert ginn. D'Regierung huet den 28. März 2014 eng Serie Amendementer déposéiert. D'Chambre de Commerce huet de Gesetzesprojet den 22. Abrëll 2014 aviséiert, an de 27. Mee 2014 hu souwuel de Conseil de l'Ordre vum Barreau vu Lëtzebuerg wéi och d'Chambre des Notaires hir Avisen eragereecht.

De Statsrot huet säin Avis de 24. Juni 2014 finaliséiert. Den 3. Juli vun dësem Joer huet d'Cofibu (Commission des Finances et du Budget) mech zum Rapporteur ernannt. De Gesetzesprojet an den Avis vum Statsrot sinn an där Sëtzung duerchgekuckt ginn an den Dag drop sinn eng Serie Amendementer un de Statsrot weidergeschéckt ginn. Dësen huet säin Avis complémentaire den 11. Juli eragin, soudass de schréffleche Rapport de 14. Juli an der Kommissioun ugehall ginn ass.

Här President, mir hunn an eisem Gesellschaftsgesetz vun 1915 zwou Zorten Aktien, déi eng Gesellschaft kann ausstellen.

Et handelt sech zum Éischten ëm d'Actions nominatives, dat heescht, de Propriétaire vun dësen Aktien ass an engem Regëster bei der Gesellschaft, déi d'Aktien ausgestallt huet, agedroen. Bei dësen Aktie gëtt de Besëtzer opgrond vun den Androungen am Regëster bewisen.

Zum Zweete kenne mer d'Actions au porteur. Do geet et ëm Aktien, déi net agedroe ginn, mä wou de Besëtzer bewise gëtt duerch d'Dokument, also duerch d'Aktien am physische Pabeier. Also deejéinegen, deen d'Aktien hält, ass de Besëtzer dovun. Dës Aktie wiesselen de Propriétaire, ouni dass d'Gesellschaft, déi se erausginn huet, weess, wou hir Aktie grad dru sinn. A genau hei läit de Problem.

D'Anonymitéit vum Propriétaire kann him d'Méiglechkeet ginn, illegal Geschäfte ze bedreiwen, zum Beispill wann et ëm Blanchiment geet oder ëm Steuerbedruch. Et ass quasi onméiglech ze verfollegen, duerch wien seng Hänn eng Action au porteur gaangen ass, well se schnell an ouni Trace de Propriétaire wiessele kann, dee Propriétaire am Sënn vum Bénéficiaire économique vun der Aktie.

Dës Zort vun Aktie si verschidde Gremien an Dar am A. An de leschte Joren hunn zum Beispill de GAFI an de Forum mondial eng Rei Recommendationen zu de sougenannten Actions au porteur gemaach, méi genau wat d'Informatiounen iwwer hir Propriétaires ugin. Sou huet de Rapport vum Groupe d'action financière, also dem GAFI, vun 2010 recommandéiert, dass Lëtzebuerg Moosnamen ergräife soll, fir d'Transparenz vu Propriétaires vun esou Actions au porteur sécherzestellen.

2011 dunn huet de Rapport d'évaluation vum Forum mondial verlaangt, dass déi Lëtzebuerger Autoritéite bestëmmt Informatiounen iwwert déi effektiv Propriétaires vun esou Aktien zur Verfügung gestallt kréien. 2012 huet sech de GAFI widderholl an zousätzlech a senger Recommendation 24 e puer Pisten opgezeechent, déi Lëtzebuerg aschloe kéint, fir

sécherzestellen, dass keng Abuse mat den Actions au porteur gedriwwen ginn.

Déi éischt Pist wier, d'Actions au porteur ganz ofzeschaffen.

Zweetens kéint een d'Actions au porteur an Actions nominatives convertéieren, also an Aktien, bei deenen den Émetteur zu all Moment weess, wien se gehéieren, well se do an engem Regëster agedroe sinn.

Déi drëtt Pist ass, fir d'Actions au porteur ze immobiliséieren. Dat heescht, dass se bei engem Gremium hannerluecht ginn, wat dann e Regëster mat den Informatiounen vun de jeeweilege Propriétaires féiert.

Schlussendlech gëtt och nach d'Méiglechkeet opgeworf, dass de Propriétaire selwer dem Émetteur matdeelt, dass hien Actions au porteur vun dëser Gesellschaft besëtzt.

Vun dëse véier Optiounen, déi et erlaben, eis Législatioun de Recommendationen vum GAFI a vum Forum mondial unzepassen, schéngt déi drëtt, also déi mat der Immobilisation vun den Actions au porteur, déi rotsamst gewiescht ze sinn, well déi an eisem Text vun der Regierung zréckbehalen ginn ass. Doduerch, dass en Dépositaire d'Informatiounen iwwert d'Propriétaires vun dësen Aktien an engem Regëster opléscht, kréien déi Lëtzebuerger Autoritéiten, zum Beispill wat rechtlech a steuerlech Geleeënheeten ugin, en Zougang op dës Donnéeën. Gläichzäitig ass d'Vertraulechkeet vun dësen Donnéeën awer géintiwwer Drëtter geschützt.

Ech wëll och nach preziséieren, dass een als Propriétaire vun esou Aktien nëmmen Accès op déi Informatiounen huet vun Aktien, vun deenen een och selwer Propriétaire ass.

Bei dëser Optioun géif awer och de Mécanisme de cession änneren. Et kann een also net einfach d'Action au porteur engem anere verkaufen, mä deen neie Propriétaire muss dat dann och am Regëster vun der zoustänneger Gesellschaft enregistrieren loossen. Den Dépositaire, deen de Regëster féiert, gëtt vum Émetteur vun der Action au porteur genannt.

Duerch dëse Projet gëtt also haaptsächlech den Artikel 42 vun eisem Gesellschaftsgesetz ëmgeännert. An dësem Kontext huet de Statsrot sech mat der Fro vun der juristescher Qualifikatioun vun esou Aktien auserneegeat, dat heescht mat der Fro, ob d'Action au porteur ënnert dëse Konditiounen nach ëmmer kann als Action au porteur bezechent ginn oder ob d'Immobilisation an engem Regëster net esou wäit geet, dass een an deem Fall net méi wierkech vun enger Action au porteur schwätze kann.

Wann elo d'Cessiouen manner flexibel ass, well deen neie Propriétaire sech am Regëster umelle muss, fällt net nëmmen den Anonymat ewech, mä och eng Partie vun der Flexibilität, wat dëse Finanzproduit ugeet.

No verschiddenen Iwwerleeunge kënn de Statsrot zu der Konklusioun, dass dëst net de Fall ass, dass d'Immobilisation also net dozou féiert, dass d'Natur vun der Action au porteur geännert gëtt.

Ier ech zum Schluss kommen, wollt ech nach kuerz op dräi méi kleng Punkten ze schwätze kommen.

Well d'Immobilisationsprozedur sech och op Actions au porteur bezieht, déi vu Fonds d'investissement ausgestallt ginn, stellt dëse Gesetzesprojet och d'Konformitéit mat den Ufuerderungen vun der amerikanescher FATCA-Législatioun sécher. FATCA steet hei fir Foreign Account Tax Compliance Act.

Fir dass d'Immobilisation vun den Actions au porteur och wierkech geschitt an e Regëster mat Informatiounen iwwert déi effektiv Propriétaires vun dësem Finanzproduit gehale gëtt, hält de Gesetzestext spezifesch stroferechtlech Sanktiounen fest.

Dann ass nach ze soen, dass an dësem Text Iwwergangsdispositiounen virgesi sinn, soudass déi Actions au porteur, déi am Moment schonn am Ëmlaf sinn, och an den nächste Méint an esou engem Regëster festgehalen kënnen ginn. D'Gesellschaft kréie sechs Méint, fir den Dépositaire ze benennen, an d'Actions au porteur, déi de Moment am Ëmlaf sinn, mussen bannent 18 Méint agedroe sinn. Geschitt dat net, si Méchanisme virgesinn, fir déi Aktien ze blockéieren.

Här President, mat dësem Gesetzestext passe mir eis Législatioun de Recommendationen vum GAFI a vum Forum mondial un, soudass mer potenziell illegal Praktiken ënnerbannen. Als grouss Finanzplaz huet Lëtzebuerg nëmmen ze gewinnen, wa mir eis den internationale Standards upassen.

Mir brauchen dësen Text dréngend, fir vun dem GAFI an dem Forum mondial nees als „compliant“ kënnen agestuift ze ginn. Eis aktuell Klassifizierung stéiert enorm de Lëtze-

buerger Finanzmarkt. Ech hunn déi lescht Woch op dëser Plaz schonn erkläert, wéi mir déi Lëtzebuerger Finanzplaz op der Weltkaart positionéieren wëllen. De Gesetzesprojet vun haut de Mëtteg dréit säin Deel zu dësem Positionnement bäi.

Et ass ze bemerken allerdéngs, dass mir hei ënner extremem Drock gehandelt hunn, well eng Zäitchen net op Relancé vum GAFI reagéiert ginn ass. A sollt et sech erausstellen, dass den Text nach sollt e bësse mussen ugepasst ginn, misst dat natierlech nach dee Moment gemaach ginn. Mä et ass dréngend, dass mer dësen Text nach virum Summer ënnerdaach kréien, well am Hierscht kënn et eng Evaluatioun vu Lëtzebuerg, an do mussen mer onbedéngt als „compliant“ agestuift ginn.

Ech wëll dann awer och nach de Leit aus dem Finanzministère Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Cofibu. Domadder bréngen ech och hei den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner ass fir d'CSV ageschriwwen den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur a mengem traditionellen Virriedner, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi schréfflechen a mündlechen Rapport.

Dat Wichtigst virop, Här Minister: D'CSV wäert dëse Gesetzesprojet stëmmen. Et ass nämlech e Plus fir den Image vun eisem Land an et ass virun allem e Plus um Niveau vun der Transparenz vun eiser Banken- a Finanzplaz. Ech wëll och als CSV-Fraktioun ausdrécklech soen, dass mir et begreifen, dass déi aktuell Regierung d'Approche, déi de fréiere Finanzminister, de Luc Frieden, an dësem net einfachen Dossier gewielt huet, eent zu eent weidergefouert huet.

Mir sinn net op de Wee gaangen, fir d'Actions au porteur einfach ofzeschaffen, mä de fréiere Projet, deen op dem Dësch louch, deen hat virgesinn, an dat ass och elo weidergefouert ginn, dass déi Actions au porteur an en Aktiergëster missten ageschriwwen ginn, soudass mer eigentlech elo no dem Gesetz vun 2012 iwwert d'Titres dématérialisés dräi Zorte vun Aktien hunn, nämlech Actions au porteur ënnert dëser Form, Titres nominatifs an Titres dématérialisés.

Wat mer eigentlech mat där subtiler Léisung faerdegbruecht hunn, dat ass, dass engersäits de Schutz vun der Privatsphär vun deem einzelnen Aktionär respektéiert gëtt, an anersäits gi mer awer och alleguerten deene staatlechen Autoritéiten, de Steuer-, mä och de Justizautoritéiten, wann et néideg ass, déi néideg Mëttele, fir dass si hire staatsrechtliche Handlung kënnen nogoen.

Mir hunn et eigentlech iwwert déi lescht véier, fënnf Joer ëmmer schnell faerdegbruecht - an dat ënnersträicht och, de Guy Arendt huet et virdu gesot, dee gudd Beamtenapparat, deen a wichtige Ministèreen ass, souwuel an de Finanzen wéi an der Justiz -, fir dass mer déi Upassungen, déi de GAFI gefuerdert huet, ëmmer an engem Rekordtempo eigentlech iwwert d'Bühn kruten.

Dat war an der Sommervakanz 2010, wou mer ganz vill Upassungen gemaach hunn am Gesetz iwwert d'Entraide judiciaire. Dat waren Upassungen um Niveau vun der Finanzkriminalitéit, nei Strofhandlungen hu mer agefouert, Duebelbesteuerungsokkommessen, bis haut zu dem Gesetz iwwert d'Actions au porteur.

Et ass richtig, wann ee seet, dass dat hei wuel eng déif gräifend Ännerung ass par rapport zu dem Gesetz iwwert d'Handelsgesellschaft vun 1915, an doriwwer eraus ass et och e groussen Aschnëtt an eigentlech traditionell Prinzipien, déi mer kennen am Zivilrecht.

Ma bis elo hu mer nach ëmmer kannt déi sougenannt „Traditio“ oder déi Tradition manuelle, mat all deene verbonnene Rechter. Zum Beispill, wann een en Titer iwwergëtt, dann huet een automatesch domadder d'Recht, wat un deen Titer gebonnen ass, iwwermëttelt mat enger einfacher, onformalistescher Form. Eigentlech zivilrechtlech Adagen, déi d'Leit kennen - «en fait de meubles, possession vaut titre» -, déi gi mat deem heite Gesetz, wat d'Aktien ubelaangt, an e ganz anert Licht gesat.

Datselwecht zielt, an ech mengen, do ass och nach net alles gëss, fir déi sougenannt Titren, déi een „en gage“ gëtt, respektiv d'Saisien, déi



herno mussen oder eventuell musse gemaach ginn op eenzel Titren.

Firwat ass dëse Projet awer eng gutt Saach? Wou en dach engersäits awer eng gewëssen Aschränkung mécht vun enger Flexibilitéit, déi op eiser Plaz ëmmer geherrscht huet - de Guy Arendt huet et virdru gesot -; dat huet et eigentlech relativ onkomplizéiert engem erlaabt, fir de Contrôle vun enger Gesellschaft respektiv d'Inhaber vun enger Gesellschaft ze wiesselen. Och domadder gouf an der Vergaangenheet, zu Recht oder zu Onrecht, ëmmer dobaussen e bësse Reklamm gemaach.

Mä et gëtt awer och eng Rei vun neien Opportunitéiten. Firwat? Mä well déi sougenannten „professions réglementées“ aus dem Gesetz iwwert de Finanzsektor, och d'Affekoten, d'Notairen, d'Experts-comptables, d'Family Officen, well déi eigentlech d'Méiglechkeet kréien, fir déi sougenannten „Aktiegegësteren“ ze halen.

An ech mengen, do stellt sech eng konkret Fro, wou de Barreau eigentlech drop higewisen huet: Wéi ass et, wann eng Saisie soll gemaach ginn, zum Beispill bei engem Affekot, deen dem Gesetz oder de Bestëmmunge vum Artikel 458 vum Beruffsgeheimnis ënnerläit? Wéi muss dat gemaach ginn?

De Barreau huet op déi Situatioun higewisen. Ech weess net, ob de Gesetzesprojet bis an de leschten Detail deem Rechnung dréit.

Dann ass et awer och esou, dass dëse Gesetzesprojet, muss een eierlech soen, net onbedéngt vu Muttwëll ass. Ech hunn iwwert de Weekend eng Jurisprudenz gelies vun enger franséischer Cour de cassation:

Et ass esou, dass zum Deel Lëtzebuerger Gesellschaften, SAen, gebraucht goufen, fir Immeublen a Frankräich ze hunn. An a Frankräich ass et esou, dass een do, eng Gesellschaft, all Joers 3% vun der Valeur vénale, also dem Verkaufswäert vun deem Immeubel, misst als Tax bezuelen. Jo, wat ass da geschitt? Déi Gesellschaften hu gemengt, si missten dat net bezuelen, well et brauch een a Frankräich déi Tax net ze bezuelen, vereinfacht gesot, wann de sougenannten „bénéficiaire économique“ vun der Gesellschaft de Steierautoritéiten a Frankräich matgedeelt gëtt.

De Problem war awer deen, dass déi franséisch Finanzautoritéite bis hin zur franséischer Cour de cassation nëmme ganz restriktiv d'Moyens de preuve akzeptéiert hunn, fir ze beweisen, dass déi Inhaber respektiv déi Titulaire vun den Actions au porteur gewieselt haten. Déi hunn einfach gesot: „Jo, Dir musst eis dat da beweise mat enger Aschreiwung an engem Aktiegegëster“, wat et fir déi doten Aktien net gouf. Mat dem Resultat, dass do Eenzelner, zu Recht oder zu Onrecht, bäigelaf sinn, well dann hate se no enger Zäit, wou se am Litige ware mam franséische Fisc, dann hate se alt fir e puer Joer - siwe mol dräi Joer - déi Tax nozebezuelen, an zum Schluss kounn dann och nach eng steierlech Strof vu 40% derbäi. Dann ass eigentlech dat, wat se gutt gemengt haten, fir dat laanscht d'Steieren ze schleisen, dann ass dat net méi gaangen.

Zum Schluss, Här President, mengen ech, dass mer mat der Hëllef vun de Leit aus dem Finanzministerium, déi hei wierklech gutt Aarbecht geleescht hunn, et wäerte fäerdegbréngen, dass dee Gesetzesprojet hei am Hierscht kann a Kraaft sinn.

Ech mengen, et sollt een awer net onverschwiege loossen, dass eng Rei Observatiounen an engem leschten Avis complémentaire vum Statsrot gemaach goufen, déi op verschidden - loosse mer soen - Lacunen oder Onzoulänglechkeeten an dem aktuelle Gesetzesprojet nach hiweisen. Als CSV deele mir zum Deel déi Bedenken, déi de Conseil d'État do opgeworf huet.

An eng Fro, Här Minister, dat schéngt mer déi ze si vun der sougenannter „Iwwergangsphas“. Well de Gesetzesprojet gesäit vir, dass no enger Iwwergangsphas vun 18 Méint, wann en Titulaire vun enger Action au porteur se net an den Aktiegegëster ageschriwwen huet, dass dann déi Aktien null sinn. Null sinn! Mat der Konsequenz, dass déi Gesellschaft muss eng Reduktioun vun dem Kapital maachen.

Dat ass am Gesetz virgesinn, mä dat muss awer nach dann an der Praxis an op dem praktesche Plang vun där Gesellschaft bewerkstelt ginn. An d'Fro ass awer déi: Wat geschitt, wann duerch Emstänn, zum Beispill, dass net déi néideg Majoritéit méi do wieren, dat net gemaach gëtt? Da sinn déi Aktien zwar annulléiert iwwert d'Gesetz, mä wéi ass et mat der Reduktioun vum Kapital, déi dann nach net gemaach ginn ass?

Elo ass meng konkret Fro: Gesäit do de Minister en Awierke vun dem Artikel 203 aus dem Gesetz iwwert d'Handelsgesellschaften, dat déi sougenannten „dissolution judiciaire“ virgesäit, nämlech d'Opléisung vun esou enger Gesellschaft, vu dass se sech net konforméiert mat den Dispositiounen vun eiselem Handelsgesetz, mat alle Konsequenzen, déi dat géif mat sech bréngen?

Fir de Rescht, Här President, nach eng lescht Suggestioun vun der CSV-Fraktioun: Dat hei concernéiert eng ganz Rei och vu kleng Betriber, déi zum Beispill an der Hand vu Mëttelständler sinn, oder vu kleng Familljebetriber, an ech mengen, et wier ubruecht, vu dass et eng gréisser Emännerung vun eiselem Aktiegesetz ass, mat alle Konsequenzen, déi dat beinhaltet, dass een déi néideg Publicitéit mécht, an dat zesumme mat de Patronatsorganisatiounen, fir dass d'Leit op déi Emännerunge vum Gesetz opmierksam gemaach ginn.

Fir de Rescht, Här President, ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot fir d'LSAP. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Och ech géif gäre menge mëttlerweil och traditionelle Virriedner da Merci soen, en particulier dem Guy Arendt fir erëm eng Kéier säi ganz gudden an ausféierleche Rapport zu dësem Projet de loi. Ech mengen, et ass villes gesot ginn. Ech géif just gären op zwee Punkten agoen, een e bësse méi technesch, awer mat reellen Implikatiounen fir d'Finanzplaz. Ech mengen, de Gilles Roth huet schon an e bësse méi generellen Termen Allusioun dorop gemaach. An deen zweeten ass vläicht e bësse méi eng fundamental Observatioun.

Dëse Projet de loi gesäit eng stroferechtlech Sanktioun vir fir déi Administrateure vu Gesellschaften, déi nominativ Regëstere hunn, am Fall wou se keen esou e Regëster op hirem Sëtz, op hirem soziale Siege halen. An et muss ee wëssen, dass et à l'heure actuelle eng gängeg Praxis ass, dass eng ganz Rei esou Gesellschaften, haaptsächlech am Fongebereich, just dat maachen. Dat heescht, et sinn eng ganz Rei Gesellschaften, déi just eng Kopie hu vun deem Regëster, mä wou de Regëster en réalité bei engem Dépositaire gehale gëtt.

Dat ass insbesonnesch de Fall bei méi grouse Fongen, dat heescht, bei deenen, wou relativ vill Volume ass, wou d'Parten oft d'Hand wieselen. Déi Fonge sinn haut u sech an enger Situatioun, wann dat Gesetz bis kënnt, dass se en porte-à-faux si par rapport zu hiren Obligatiounen ënnert dësem Gesetz, an zwar ënner enger strofrechtlecher Mesure.

Dëst ass ëmsou méi problematesch, well mer hei keng Disposition transitoire hunn, dat heescht, dat Gesetz ass d'application immédiate dräi Deeg no senger Publikatioun, soudass mer hei u sech da fir déi Fonge sous forme nominative keng besonnesch gutt Situatioun hunn.

Dëst ass ze bedauern, well mer net kohärent si par rapport zum Traitement fir d'Actions au porteur. Dat heescht, do hu mer jo d'Méiglechkeet elo am Artikel 42, fir déi Actions au porteur ze hannerleeë bei engem Dépositaire, deen déi dann enregistreiert. Och déi Mesure, och déi Dispositioun ass stroferechtlech beluecht, mä et kann ee sech natierlech där entleedegen doduerch, dass een dat bei engem Dépositaire tiers mécht. Déi Méiglechkeet gëtt et net bei den Actions nominatives, an dat muss ee bedauern.

Ech mengen, dass dat wierklech e Punkt wär, iwwert deen ee schnell sollt nodenken a wou ee schnell da sollt mat enger Opbesserung kommen zu dësem Projet de loi, fir och do e Parallelismus an eng Kohärenz ze schafe par rapport zu där Situatioun.

Ech verstinn, dass de Finanzministère, deen hei iwwregens eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet, elo net méi wollt un deen Text goen, well se gefaart hunn, dass een doduerch net méi GAFI-compliant wär. Mä ech mengen, dat hei ass eng Mesure de législation nationale, wou ech elo net mengen de prime abord, dass een aus dem GAFI sengem Kader géif erausfalen.

Eng zweet Observatioun - an do nach eng Kéier, ouni iergendengem e Reproche ze maachen, insbesonnesch net de Leit aus dem Finanzministerium - ass déi, dass mer hei erëm eng Kéier u sech reagéieren. Dat heescht, mir sinn, wéi 2010 mat der GAFI-Klassifikatioun ënnert där „liste grise“, hei erëm eng Kéier an der Reaktioun.

An déi Reaktioun ass schnell, déi Reaktioun ass gutt, si ass appropriéiert, do ass näischt ze soen. Mä ech géif mer wënschen, dass mer kéinte méi eng kohärent Politik maachen a

vläicht méi eng wäitsiichteg Politik, well déi GAFI-Reviewen, déi Peer-Reviewen och vum Forum mondial verlafte jo elo u sech no prévisi-bele Rasteren. Mir wëssen, wat déi Leit kucken, mir wëssen, wourop se kucken. An ech mengen, dass dat Saache sinn, déi ee vläicht kéint besser plangen a wou ee vläicht mat méi Preparatioun, vläicht mat enger besserer Négociatioun kéint e bessert Resultat erreechen, soudass mer net an d'Labrante geroden an dass mer net erëm all Kéiers musse reagéieren op esou Situatiounen.

Ech géif mer wënschen, dass mer kënnteg als Land géife méi proaktiv an deenen Dossiere schaffen, dass mer et géife fäerdegbréngen, eng strategesch an eng holistesche Iwwerleeung hinzekréien, och op laang Siicht, wou mer high mat eiser Finanzplaz, wat fir eng Secteure mer privilegéieren, zesumme mat den Acteuren a fir d'Acteure vun der Finanzplaz, mä och fir d'ganz Land, fir jiddwerengem méi Planungssecherheet ze ginn.

Dëst gesot, géif ech trotzdeem dann den Accord bréngen vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi, deen e wichtege Projet de loi ass, justement fir eis Finanzplaz, fir eisen Image ze verbessere par rapport zu deenen Actions au porteur an och fir eist Land aus deem schlechte Klassement vum Forum mondial erauszekréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Fayot. Nächste Riedner ass den Här Henri Kox fir déi gréng.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëll am Virfeld direkt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport hei, souwuel schrëftlech wéi mëndlech, an ech wëll dat ënnerstëtzen, wat mäi Virriedner hei gesot huet.

Effektiv musse mer kucken, dass mer, besonnesch eis Finanzwelt, méi séier reagéieren a méi anticipéieren, net dass mer ëmmer hannendrulafe. An dofir kann ech nëmmen dat nach eng Kéier ënnerstëtzen, wat mäi Virriedner gesot huet, an ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Kox. Nächste Riedner ass den Här Roy Reding fir d'ADR.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Här President, léif Kolleegen, mir begreisse ganz ausdrëcklech dëse Projet, deen eiser Finanzplaz hëlleft, „fully compliant“ ze ginn, wéi mer dat nennen.

Et ass just schued, datt duerch déi bësselchen Hetz an der legislativer Ausaarbechtung et net méiglech war, deene ganz interessante Froen a Suggestiounen vum Statsrot vollkommene Rechnung ze droen.

Trotzdeem denken ech, datt et richtig ass, dee Projet haut ze stëmmen, mä mir hoffen, datt an engem Nofollegesetz déi opgeworf Froe kënnen an engem positive Sënn fir eis Finanzplaz reglementéiert ginn. An ech bréngen d'Zoustëmmung vun der ADR.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Reding. Nächste Riedner ass den Här Turpel fir déi Lénk.

M. Justin Turpel (déi Lénk).- Merci. Mir stelle fest, datt hei, wat d'Ëmsetzung vun de Recommandatiounen ugeet, wierklech den absolute Minimum just gemaach gëtt, fir datt et iwwerhaupt nach konform ass. Déi sinn net vu Muttwëll - den Här Roth huet dat illustréiert -, mat all deenen Abusen, déi do gemaach gi sinn. Mir sinn awer der Meenung, dat geet net duer.

Aner Länner schafen d'Actions au porteur of - Japan, Holland, Kanada -, oder fréiere se an, wéi Südafrika, wéi Panama, wéi Hongkong, oder schränke se drastesch an, Dänemark an aner och.

Et ass och guer net kloer, wéi laang datt dat doten iwwerhaupt nach hält, weder juristesche nach wat d'Recommandatiounen vum Forum mondial ugeet. A mir mengen, dat géif net duergoen, a mir stëmmen do dergéint.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, fir d'Éischt géif ech gär dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht, deen, mengen ech, déi essenziell Punkten ënnerstrach huet. Ech géif och gären ënnersträchen, dass déi Aarbecht hei, déi ganz komplex war a ganz rapid geschitt ass, d'Fruucht vun enger Zesummenaarbecht ass tëscht dem Finanz-

minister an dem Justizminister, deen och haut hei ass, woufir ech him och wëll Merci soen, an och senge Beamten, déi an där ganzer Matière hei, déi ganz juristesche a ganz technesch ass, hervorragend matgeschafft hunn.

Ech soen direkt am Virus, dass ech mech freeën, dass mer esou eng breet Majoritéit hei hunn, am Intérêt vun der Place financière, wat net verhënnert, dass ech awer wëll ganz e bësen iwwert den Historique schwätzen, wéi dat alles gaangen ass.

Ech hu mer acht Datumen hei opgeschriwwen, fir dass jiddweree sech och sollt bewosst sinn, dass dat alles net vum Himmel gefall ass, déi Notation négative, déi mer am Forum mondial kruten, an dass et do eng Rëtsch Virwarnzeeche gouf, déi vläicht net all richtig wouergeholl gi sinn.

Den 19. Februar 2010 huet de GAFI erëm eng Kéier bestätegt, dass d'Actions au porteur an d'Parts au porteur e Problem wieren. En hat dat schon 2003 gemaach, en huet dat 2010 bekräftegt. Am September 2011 huet de Forum mondial - 2011, September - gesot: «Le Luxembourg n'assure pas l'identification des détenteurs de titres au porteur des sociétés anonymes et autres sociétés en toutes circonstances.» Dat ass eng ganz breet Formel, déi mer vläicht ënnerschätzt hunn. Am Februar 2012 kënnt eng nei Versioun vun de Recommandatiounen vum GAFI eraus, wou justement d'Actions au porteur an d'Parts au porteur ënnerstrach ginn. Ech liesen lech dat net vir. Dat ass elo d'Nummer 24.

An dann huet déi viregt Regierung de 4. Oktober 2013, dat ass also een, zwee Joer nodeem all déi Signaler opgaange sinn, e Projet de loi déposiert. Dat ass deen, vun deem mer haut schwätzen. Deen ass awer och amendéiert ginn de 4. Oktober. Den 22. November - dat heescht, dat si sechs Wochen duerno - huet de Forum mondial gesot, dass mer net konform wieren, dass mer „non-compliant“ wieren. Ech ka mech gutt erënneren, wéi ech do des Fonctiounen iwwerholl hunn de 4. Dezember als Finanzminister, dass dat meng alleréisch Suerg war, wéi mer deene Kritike vum Forum mondial sollten entgéintwierken.

Ech mengen, dass mer wahrscheinlech zu Lëtzebuerg ze lues geschalt hunn oder dat ënnerschat hunn. Ech si frou, haut feststellen, dass mer eis eens sinn, dass mer ganz séier mussen handelen.

D'Regierung huet de 5. Dezember, een Dag no der Assermentatioun, e Sechspunkteplang adoptéiert, wéi mer mussen agéieren, fir vun där Lëscht vum Forum mondial erofzekommen, wou ee muss wëssen, dass deen heite Projet de loi vläicht deen allerwesentlechste Punkt ass, firwat mer als „non conforme“ agestuift gi sinn.

De Projet, den Urprojet vun der viregter Regierung ass och un de Forum mondial geschéckt ginn, an de Forum mondial huet den 10. Februar 2014 eis Remarquë gemaach an eis gesot, dass d'Dispositions transitoires, déi am urspréngleche Gesetz virgesi waren, vill ze laang wieren an dass, wa mer déi Perioden esou laang géife loossen, mer nach ëmmer net konform wieren. An dat erkläert, firwat den 28. März dës Regierung dann eben Amendementer erabruucht huet an déi Délaien, iwwert déi mer elo e bësse geschwat hunn, immens gekierzt huet, wat wesentlech ass, fir konform ze sinn!

Déi viregt Regierung huet agéiert, wahrscheinlech e bësse spéit. Déi nei Regierung huet dat opgegraff a versicht, esou séier wéi méiglech dat ze adaptéieren, fir dass mer muer kënnen konform sinn. Mir mussen évitéieren, dass mer eng Absence de transparence hunn op deenen Aktiounen, well dat Blanchimenten an aner Prozeduren erlaabt, wat mer natierlech net kënnen verteidegen.

Wat elo d'Urgence ubelaangt vum Projet de loi, wollt ech dräi Saachen ënnersträchen.

Éischtens sinn ech ganz frou, dass de President an d'Chamber d'accord waren, dass mer dat heiten nach virun der Sommervakanz kënnen stëmmen. Dat ass wierklech eng Urgenz gewiescht, well wa mer dat haut stëmmen, da kënnen mer dat an de Rapport de suivi vum GAFI a vun dem Forum mondial erabréngen, déi dat an der Mëtt vun Joer maachen. An do kréie mer natierlech méi e positiven Impakt doduerch, dass mer dat elo nach virum Summer stëmmen, wéi wa mer bis Oktober gewaart hätten.

Den zweete Punkt ass, an dat ass e wesentlechen, op deen ech nach oft wäert zrëckkommen: Et geet haut net méi duer, dass mir Gesetzter stëmmen, déi formell an der Rei sinn. Si mussen och kënnen applicabel sinn. An de GAFI souwuel wéi de Forum mondial begnüge sech net domat ze soen: „Ah, Dir hutt jo elo e Gesetz gestëmmt, da sidd Der jo elo an der Rei.“ Si soen eis: „Wéi oft ass dat Gesetz appli-



zéiert ginn? Gräift dat Gesetz?“ An domat hu mer eis vill hei beschäftegt.

Deen drëtten Punkt ass, mengen ech, och ganz wesentlech, well doduerch, dass mir elo op déi Lëscht komm si vu Länner, déi net konform sinn, riskéiere mer e Problem ze hu mat den internationale finanziellen Organisatiounen, wéi d'BEI, d'Banque Mondiale, d'BERD zu London, déi soen, wa Lëtzebuerg op där Lëscht bleift mat „non conforme“, da kéinte se eis Finanzplaz à terme iwwerhaupt net méi gebrauchen.

Also dat ass e phänomeenalen Drock, deem mer do ausgesat sinn, wat erkläert, firwat mer alles gemaach hunn, fir séier virunzekommen. Mir hunn eng Période de grâce verhandelt mat all deenen Organisatiounen, an déi leeft am Ufank vum nächste Joer aus. Aus all deene Grënn war et extrem urgent.

De Spriecher vun der CSV, den Här Roth, huet gesot, mir hätten dat eent zu eent iwwerholl. Ech kann dat fir verschidden, fir grouss Linnen effektiv confirméieren. Haaptsächlech déi Pist vun der Immobilisation schéngt eis déi beschte ze sinn. An dat war déi, déi am viregte Projet de loi dra war. Dat heescht, mir hunn och nach eng gewësse Confidentialitéit - net jiddweree kënn un déi Informatiounen erun -, mä mir hunn déi néideg Transparenz, fir dass déi, déi musse wëssen, wien de Propriétaire ass, et wëssen.

Ech wëll och, wéi den Här Roth dat richteg ënnerstrach huet, de Fonctionnaire souwuel am Finanzministère wéi och am Justizministère Merci soen, well si hunn effektiv hei am Expressstempo geschafft.

D'Inscription au registre ass de wichtige Schrëtt, an do muss ee kucken, wat fir eng Konditiounen den Dépositaire muss erfëllen. Dat steet am Gesetz dran. An duerfir, wa mer do Oplackerunge wëllen, do si jo verschidden Allusiounen drop gemaach ginn: Mir si bereet, dorop anzegoen. Mir mussen ëmmer kucken, dass et konform ass zum GAFI an zum Forum mondial.

Vläicht dann e Wuert zu der Période transitoire, wat en fait de Kärpunkt vum Projet ass: Do hu mer d'Délai, déi am Ursprongstext dra waren, immens gekierzt. Dat heescht, dass éischters emol d'Couverture ganz breet ass. Dat riicht sech un d'Société-anonymen, et riicht sech un SCAen, donc d'Sociétés en commandite par actions, et riicht sech awer och un d'Fonds d'investissement. An do kënnen mer eis jo gutt virstellen, dass dat e ganz breeden Impakt zu Lëtzebuerg huet.

Ech wëll och ënnersträichen, dass et sech net un d'Obligations au porteur riicht. Also d'Obligations au porteur sinn hei net viséiert.

Ech géif gär der Cofibu (Commission des Finances et du Budget) an hirem President, dem Eugène Berger, villmools Merci soen, well déi hunn hei Akrobatik gemaach, fir dass mer esou vill Sëtzunge konnte maache wéi néideg, an am Hin an Hier mam Conseil d'État den Terrain geglätt, fir dass mer haut hei zurzäit dat kënnen maachen.

Mir hu relativ zum Schluss vun der Ligne droite den Text nach verschäerft, andeem mer Obligatiounen, déi cotéiert sinn, och ënnert de Präbbeli vun där Législatioun geholl hunn, wat mer am Ufank wollten ausschleissen, fir totalment konform ze sinn zum GAFI an zum Global Forum.

D'Sanktiounen, déi hu mer aus Grënn vum Parallelismus mat normalen Aktie mat och penale Sanktiounen bestéckt, wat och eng Rëtsch Problemer opgeworf huet, mä op déi mer nach vläicht kënnen méi spéit eng Kéier zrëckkommen.

D'Dispositions transitoires sinn also esou, dass d'Gesellschaft, déi esou Actions au porteur erausginn huet, déi muss an engem Délai vu sechs Méint immobiliséieren. An d'Détenteure vun esou Aktiounen hunn dann 18 Méint, fir sech ze deklaréieren.

Ech mengen, dass mer och do eng Responsabilitéit hunn als Pouvoir public, an deenen nächste Wochen a Méint genuch Publicitéit iwwert dëst Gesetz ze maachen, fir dass jiddwereen och gewuer gëtt, dass Lëtzebuerg do seng Législatioun changéiert huet.

Als Konkusioun, Här President: Dat heite Gesetz ass ee vun de wichtigste Punkten, vläicht dee wichtigste Punkt op dem Wee, fir erëm konform ze gi par rapport zum Forum mondial, dem Global Forum op där enger Säit an och muer dem GAFI. Mir hu misse relativ séier handeln. Duerfir sinn och déi eng oder déi aner Punkte vläicht nach net honnertprozenteg kloer oder hu Konsequenzen, déi mer nach net komplett duerchduecht hunn.

Mä dat Wesentlecht war, dass mer séier virukommen, soudass ech ganz gären eng Rëtsch vu Virschléi, déi haut hei gemaach gi si vu ville Parteien, wëll mat op de Wee huelen an dat alles checken a kucken, wéi mer et kënnen ver-

besseren, ouni natierlech d'Konformitéit mat de Regele vum GAFI a vum Forum mondial a Fro ze stellen.

Ech géif gären och zum Schluss soen, dass et ganz richteg ass, wat den Deputéierte Fayot gesot huet. Mir sollen évitéieren, ëmmer nëmme reaktiv ze sinn. Well souguer wa mer hei elo ganz gutt schaffen, da kréie mer net immens groussgeschriwwen, dass mer elo endlech konform sinn. An ech hat dat, mengen ech, op där Tribün schonn eng Kéier gesot: Mir sinn amgaangen, alleguerten d'Regele vum GAFI zesumme mam Justizminister a mat sengen Équipes duerchzekucken, fir ze évitéieren, an Zuchzwang ze kommen, fir ze évitéieren, musse reaktiv ze sinn a fir proaktiv d'Saachen ëmzesetzen.

Ech muss soen, a menge Gespréicher mat der Finanzplaz a mat hiren Acteuren ass e Bewusstsin elo opkomm, dass mer all Intérêt hunn, séier ze handeln, preventiv ze handele wéi reaktiv ze handeln. An duerfir freeën ech mech, dass mer haut hei esou eng breet Majoritéit hunn, fir deen heite Gesetzestext ze adoptéieren.

Villmools Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Pierre Gramegna.

Mir sinn elo um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6625 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6625 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6625 ass mat 58 Jo-Stëmmen, géint 2 Nee-Stëmmen ugeho.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hettogaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Laurent Mosar), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech lechMerci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet 6535. Do geet et ëm eng Rei vun Ëmännerungen um Gesetz iwwert de Filmfong, iwwert d'Förderung vun der audiovisueller Produktioun. An d'Wuert huet d'Madame Rapportrice, d'Madame Simone Beissel.

Madame Beissel, wann ech gelift.

8. 6535 - Projet de loi relative au Fonds national de soutien à la production audiovisuelle et modifiant 1) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État 2) la loi modifiée du 13 décembre 1988 instaurant un régime fiscal temporaire spécial pour les certificats d'investissement audiovisuel

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, d'audiovisuell Produktioun, a virun allem d'Filmproduktioun, huet an de leschte Joren hei zu Lëtzebuerg eng ganz rasant Entwécklung matgemaach. Lëtzebuerg huet et a

kuerzer Zäit fäerdegbruecht, professionell Strukturen opzebauen an esou e Secteur kreéiert, eng kreativ Industrie, déi international unerkannt a respektéiert ass.

Mir sinn elo esou wäit, dass mer all Joer ongeféier 20 Produktiounen hei zu Lëtzebuerg kënnen realiséieren, woubäi ongeféier eng Dose Long-métragen - Fiktioun an Animatioun - sinn, dat anert sinn Documentairen a Court-métragen. Gréisstendeels sinn et international Koproduktiounen, déi mat Lëtzeburger Produktiounsgesellschaften entwéckelt a realiséiert ginn an op deene Lëtzeburger Schauspiller an och Lëtzeburger Techniker schaffen.

Fir de Moment si mer esou wäit, dass ongeféier 700 Leit e Beruff hunn, deen am Secteur ass vun der audiovisueller Produktioun. Haut hu mer ongeféier 15 ganz aktiv Produktiounsgesellschaften hei zu Lëtzebuerg, véier Animatiounsstudioen, zwee grouss Filmstudioen, an déi ginn alleguerter privat exploitéiert, dat heescht, de Stat brauch do absolut näischt bäizeleeën.

Déi Entwécklung ass dorop zrëckzeféieren, dass d'Regierung an den 80er Joren am Kader vun hirer Diversifikatiounspolitik grouss Efforte gemaach huet, fir de Mediastandard Lëtzebuerg konsequent auszubauen. Dat sougenannt „Certificats-Gesetz“ an och de Regime vun den Aides directes hu massiv dozou bäigedroen, dass eisen audiovisuelle Secteur sech esou schnell entwéckelt huet.

Nieft den europäesche Koproduktiounen och ëmmer méi Filmer vu Lëtzeburger Réalisateure gemaach. An dat si Filmer, déi Der alleguerte kennt. Ech ginn lech just e puer Beispiller dovun: zum Beispill de Gewënner vum Lëtzeburger Filmpräis, den „Doudege Wénkel“ vum Christophe Wagner, de rezente Film iwwert d'Wierke vum Fernand Fox an der nationaler Theaterzeen vum Désirée Nosbusch, an dann natierlech eisen Oscar-Gewënner, op dee mer besonnesch houfreg sinn, den „Mr Hublot“ vum Laurent Witz an Alexandre Espigares.

Här President, zu de finanztechneschen Aspekter: Den „mécanisme des certificats d'investissement audiovisuel“, deen Enn vun den 80er Jore lancéiert gouf, war haaptsächlech geduecht, fir auslännesch Produktiounen op Lëtzebuerg ze zéien, also als Attraktivitéit. Finanzementer sollten iwwert d'Finanzplaz gemaach ginn - dat war d'Philosophie, déi hannendrustoung -, fir an den audiovisuelle Secteur ze investéieren an esou e professionnelle Produktiounsstanduert ze entwéckelen.

Leider huet ee relativ séier misse feststellen, dass déi ganz Politik an déi Philosophie do awer net oppaange sinn, well d'Finanzementer sinn ausblivwen. Ons Finanzinstituter hunn einfach net an där Richtung matgemaach. Si hunn net investéiert, si hu sech drop bornéiert, fir de ganze Secteur esou ze organiséieren, dass déi Finanzementer sollte goen, mä d'Geld ass net esou gefloss. A si hu sech haaptsächlech also drop beschränkt, fir de Marché vun de Certificate selwer ze organiséieren.

De Législateur huet dorop op dës Entwécklung reagéiert. D'Certificate konnten net méi u Privatpersounen verkaaft ginn.

Mä och d'Finanzinstituter hunn net méi laang privat Prefinanzementer gemaach. Si hu sech an de leschte Joren ëmmer méi dorop baséiert, oder si hu sech drop bornéiert, fir einfach vun de Produzenten Certificaten ofzekafen, fir se steierlech ze notzen. D'Produzenten hunn hir Prefinanzementer haaptsächlech iwwer spezialiséiert Banken am Ausland gemaach.

Aus dem ursprénglech ugeduechte Mechanismus, deen engem Investisseur géif erlaben, e Steieravantage ze kréien, fir säi Risque beim Invest ze reduzéieren, ass e Subventionsregime gi fir d'Filmproduktioun, deen iwwert de Wee vun de Steiercertificaten ofgewéckelt gouf.

Dat war esou laang kee Problem, wéi mer nach an engem finanziell gudden Ëmfeld waren. Et ass awer alles aus dem Rudder gelaf vun deem Moment un, wou déi grouss finanziell Kris agebrach ass, an dee Moment huet déi dem ganze System, deen hei ugeduecht war, e Stréch duerch d'Rechnung gemaach.

D'Zuel vun de Gesellschaften, déi bereet waren, Certificaten ze kafen, ass drastesch erofgaangen. Et war an et ass ëmmer schwéier, an dësem onstabilen Ëmfeld Steierprevisiounen ze maache fir déi nächst Joren. Et sinn an där Zäit pro Joer Certificate fir ongeféier 70 bis 80 Milliounen Euro brutto ausgestallt ginn, wat e Steierausfall fir de Stat bedeit huet vu 25 Milliounen Euro, déi et geheescht huet, un d'Gesellschaften ze verkafen.

Et ass iwwerhaupt ëmmer méi schwéier ginn, fir Abnehmer ze fanne fir déi Certificaten. Den Zäitopwand war ze grouss. Da waren d'Kommissiounen ze héich. De ganze System war op eemol net méi attraktiv.

Derbäi kouw, dass de Prefinanzement, dee jo am Ausland huet misse gemaach ginn, mat engem ëmmer méi grouse Risiko verbonne war, weinst där schwieriger Situatioun vun de Venté vun de Certificaten. An dee Risiko, deen huet missen natierlech och rémunéréiert ginn.

D'Konsequenz war, dass vun deene ronn 30% Steieravantages, déi et de Stat kascht huet, fir an déi audiovisuell Produktioun ze investéieren, am Endeffekt emol knapps méi 22% bis 23% am Secteur ukomm sinn. De Rescht vun de Prozenter, déi si verlaf a Kommissiounen an Zënsen.

Dorop huet d'Regierung reagéiert. Zesumme mat dem Secteur ass decidéiert ginn, fir d'Certificats d'investissement audiovisuel ab 2012 auslafen ze loosse, also net méi bei deem System ze bleiwen. En contrepartie ass de Montant vun den Aides financières sélectives, déi och iwwert de Filmfong ausbezuelte ginn, erhéicht ginn, fir d'Aiden aus dem Steierregime integral kënnen ze kompenséieren.

Här President, dat ass dann och ee vun den Haaptobjektive vun dem virleienden Text. Hien ass den 29. Januar 2013 vum deemolege Medien- a Kommunikationsminister déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 12. Juli, och 2013, geholl. Da kommen eis Chambre-professionellen: D'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, den Institut des réviseurs d'entreprises an och d'Produzentevereenegung ULPA hunn am Laf och vum Abrëll, Mee 2013 hir verschidden Avisen zum Gesetz geholl.

Nodeem de 4. Mäerz 2013 d'Medien- an d'Héichschoukkommissioun eise Kolleeg Serge Wilmes zum Rapporteur vum Projet de loi genannt hat, hunn ech den 20. Januar dëst Joer d'Relevé geholl. Ech wëll awer vun hei aus net mëssen, dem Serge Wilmes en häerzleche Merci ze soe fir déi exzellent Viraarbecht, déi hien an deem Projet geleescht huet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel (DP), rapportrice.** - Mir hunn e puer Amendementer ugeho, dat den 19. Mee an den 2. Juni. An den 3. Juli ass de Rapport presentéiert ginn an och adoptéiert ginn.

Här President, wéi scho gesot, d'Haaptzil vun dësem Projet de loi ass d'Ofschaf vum de sougenannten „Certificats d'investissement audiovisuel“. D'audiovisuell Produktioun zu Lëtzebuerg soll just nach iwwert de Mécanisme vun den direkte selektiven Hëllef geregelt ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis vum 8. Mee 2013 proposéiert, fir de Regime net ganz ofzeschaffen, well si huet gemengt, wann d'Situatioun géif besser ginn, sollt een awer Passerellen halen, fir eventuell kënnen nach Synergie mat dem Finanzsektor ze maachen. Dësen Iwwerleeungen ass Rechnung gedroe ginn, gesäit dach deen heitege Projet de loi vir, e strukturelle Fong ze schafen, deen, le cas échéant, et kann erlaben, nei Synergie mat der Finanzplaz ze entwéckelen.

De Lëtzeburger Filmfong, iwwert dee jo den Développement vun dem Produktionssektor organiséiert gëtt, kritt dann och elo d'Missioun, fir d'Mise en œuvre vun esou engem Fong direkt ze analyséieren.

Dir wësst, dass d'Haaptmissioun vum Lëtzeburger Filmfong déi ass, fir den audiovisuelle Sektor ze entwéckelen an national an international ze promouvéieren. Fir dass de Filmfong ka schaffen, kritt en alljährlech eng staatlech Dotatioun, fir och d'Politique de soutien au secteur vun der Regierung ëmzesetzen. An dat mécht de Fong iwwer eng ganz Zort vun Instrumenter, déi haaptsächlech sinn: d'Hëllef, da komme Subventiounen, Bourssen a Récompenses. Mä wéi gesot, d'Haaptinstrument sinn d'Aides financières sélectives, déi elo konsequent gi ginn, weinst dem Ofschaf vum de Certificaten.

A well elo de Système de soutien au secteur geännert huet, ass och d'Iddi opkomm - an dat mécht Sënn -, dass déi ganz Gouvernance vum Fong soll modifizéiert ginn. Dat betrëfft d'Organisatioun vun der Verwaltungsstruktur vum Filmfong. Duerch dëst Gesetz gëtt och e Personalkader geschafen, deem en Direkter, dee vum Grand-Duc genannt gëtt, virsteet.

D'Iddi vum Transfert vu verschiddenen Employéen, déi elo am Filmfong schaffen, an den neie Personalkader hu mer awer fale gelooss, well ebe bei där doter Iddi de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet. An do ass gesot ginn: Dat gëtt fale gelooss, well souwisou hätt dat keng gréisser Annerunge bruecht.